Ligue " ONS JONGEN "

Zentral-Komité

Letzeburg

9 Neipurt

Letzeburg, den 29. November 1944

Un all Sektio'nen

Heimadder fuerdere mer all Sektio'nen op :

I) Ons saemtlech Lidder zo'kommen ze lossen, de' entweder fu letzeburger Jongen verfasst si gin, oder aner âl letzeburger Lidder, di vum Vollek schons suweit vergiess sin. Besonnesch Wert get op de Lidder geluegt de seit 1940 geschriwe goewen. Vergiesst net de Num vum Autor so'wé d'Melodie. Mir hun naemlech welles eng Broschuer erauszegin, dé di wertvollst letzeburger Volleksliddor enthaelt. Well matt Bedaure stelle mer fest, dass di mescht Letzeburger hir Lidder net kennen a mir mengen, dass d'Zeit do waer, dass se genge geléert gin.

2) Artiklen opzesetzen, de an onser Zeidong, de an absehbarer Zeit eraus kent, erschengen. Mir draengen drop, dass der suvill wi meglech opgesat gin, well ons Zeidong get net eraus gin, fir no zwo' Wochen nés kennen anzepâken. Bedenkt, dass se di bescht momentan Propaganda fir d'Ligue ass. Et kennen iwer all Sujéen traitéert gin, Erléwnesser aus der preisescher Wehrmacht, Kritiken iwer Konscht, Literatur, Cinema, Theater asw. Subal Artiklen bei éch alafen, scheckt se op dem schnellste Wé un den Z.K.

3) Letzeburger Theaterstecker anzeschecken. De'Stecker, de vu letzeburger Jongen geschriwe gouwen an de'Scénen vum Liéwen an der Front, am Bunker, oder aus dem Kasereliéwen durstellen, oder am Gésocht vun der Kamerodschaft, de' enner de letzeburger Jongen geherrscht huet, opgebaut sin, sin ons am léwsten. Theaterstecker iwer d'Liéwen an der Friend, de' dramatesch oder humoristesch ug haucht sin, sin ons och wellkomm.

) d'Nimm vun déne Leit di Jongen verstoppt hâten a wé lang se bei hinne woren, anzeschecken.

5) d'Nimm vun onse gefalle Kameroden, wa méglech en Duedebild vun dénen énzelnen matschecken; d'Nimm vun onse Kameroden di verwondt sin ( op se nach soignéert musse gin, bei engem Spezialist oder net oder eng Prothes brauchen) ferner d'Nimm vun déne Jongen de vermesst sin mat genéen Angaben we méglech, rofzeschecken.

6) e klenge Stempel mân ze lossen, mam Num vun der Sektio'n; den enert de Stempel vun der Ligue gesat get. So' kene mir emmer gleich erkennen vu wo' e Schreiwes kent.

An der Hoffnung, dass der dé Arbecht su schnell wi méglech erlédegt, ruffe mir éch zo'

Vive Ons Jongen,

Vive Ons Ligue!

de Sekretaer:

[signature]

Eingegangen 30. 11. 44

Sachlich u. rechnerisch richtig

[signature]

Ligue "ONS JONGEN"

Zentral-Komité

Letzeburg.

9 Neipurt

Letzeburg, den 29.II.1944.

Un all Sektio'nen

Den Zentral - Komité huet Stellong zu der Qestio'n geholl, op Médercher, di aus dem Arbeitsdienst désertéert sin, och als aktiv Member an ons Ligue antriede kenen. Dozo' délt den Z.K. éch folgendes mat:

D'Médercher, di aus dem Arbeitsdienst désertéert sin, kenen nemen als E'remember an onser Ligue figuréeren; aktiv Member kene se net gin.

de President: [signature]

de Sekretaer: [signature]

„Ons Jongen" Ligue Letzeburg

Eingegangen 30. 11. 44

Sachlich u. rechnerisch richtig

[signature]

Ligue " Ons Jongen "

Zentral-Comité

Letzeburg.

Letzeburg, den 12.1.45.

Un all Sectio'nen vun der Ligue " Ons Jongen ".

Le'w Komeroden!

Heimadder de'le mer all onsen Sectio'nen mat, dass laut Beschloss vum Z.C. vum 5.1.45. iwert Zesummenarbe'cht mat der Unio'n folgendes matgede'lt ge't:

D'Ligue "Ons Jongen" ass eng selbstände'g Interessegemeinschaft a net eng Resistenzgrupp önnert dem Patronat vun der "Unio D!Ligue " Ons Jongen " gow vun de Jongen gegrönnt mat dem Zweck, geschlossen hier durch de Krich geschädigt Intressen ze vertrie'den. Intressen de d'Resistenzgruppem huen a vertrie'den, sinn nöt direkt ons Intressen, wat awer net wöllt so'en, dass mit ons net fir eng ordentle'ch Epuratio'm am Land intresse'ren an asetzen.

Jiddfer Member vun onser Ligue de Member vun enger Resistenzgrupp ass, huet absolut Freihe't sech un der Resistenz ze bede'ligen, hien därf awer nir vergiessen, dass hien als Member vun der Ligue " Ons Jongen " op jidder Fall d'Intressen vun der Ligue laut Statuten ze vertrie'den huet.

Mir bie'den ons Sectio'nen all hiere Memberen de't zur Kenntnis ze gin. Wien ane'scht handelt gehe'ert net an ons Ligue. Komeroden denkt drun, dass mir ons net mat onnötzen an ofgedreschenen Stänkerei'en ow kenne gin. D'Arbe'cht leit frun ons, de ze machen fir onse Komeroden aus der Not ze höllefen ass ons Pflicht. D'ganz Land kuckt op hier Jongen. Dofir vrun allem " Ons Jongen "

Den Zentral-Comité.

Le Président

[signature]

" Ons Jongen " Ligue Letzeburg